N°7681
Entrée le 17.04.2023
Chambre des Députés

LE GOUVERNEMENT
DU GRAND-DUCHÉ DE LUXEMBOURG
Ministère de la Mobilité
et des Travaux publics

**Äntwert vum Minister fir Mobilitéit an ëffentlech Aarbechten op d'parlamentaresch Fro n° 7681 vum 28. Februar 2023 vum Här Deputéierten Fernand Kartheiser.**

*Wéi justifiéiert d'Regierung, datt vill RGD'en, bei deenen objektiv keng "Urgence" virlouch, awer ënnert där Prozedur geholl goufen? Probéiert d'Regierung, de Staatsrot systematesch ze ëmgoen?*

Verkéiersreglementer gi geholl fir de Verkéier ob den ëffentleche Stroossen a Plazen ze reegelen an dat oft am Kader vu der Verkéierssécherheet. Dobäi ass et eng Flicht vu mengem Ministère fir d'Verkéierssécherheet op de Staatsstroossen ze garantéieren. Ob eng Urgence bei groussherzogleche Reglementer virläit läit a der Appreciatioun vum Groussherzog. Wat d'Verkéiersreglementer ubelaangt, gëtt d'Urgence oft vu der Regierung invoquéiert, well geféierlech Stroossesituatiounen duerch Verbueter, Restriktiounen, Gebueter respektiv Virfaartsreegele mussen entschäerft ginn. D'Zeréckgräifen op d'Urgence gëtt dann och am Kader vum Avant-projet de règlement grand-ducal vu der Regierung justifizéiert. Dës Virgoensweis minimiséiert d'Wahrscheinlechkeet, dat et opgrond vu der geféierlecher Stroossesituatioun zu Accidenter mat fatale Konsequenze kënnt.

De Staatsrot ass am Kader vun der legislativer a reglementarescher Prozedur ee consultatiivt Organ. Deementspriechend gesäit den Artikel 95 vun der Verfassung vir dass de Staatsrot iwwert Gesetzesprojete Stellungname gëtt, haaptsächlech wat Konformitéit vun de virgeschloene Gesetzestexter mat iwwergeuerdente Rechtsnorme betrëfft. Et geet virun allem drëm eng juristesch Sécherheet ze garantéieren.

Verkéiersreglementer besti gréisstendeels aus standardiséierten Texter, déi op de Dispositioune vum Code de la Route opbauen. D'juristesch Sécherheet vu dësen Texter gouf schonns bei viregten Texter vu Verkéiersreglementer vum Staatsrot iwwerpréift, esou dat d'Texter konform sinn. Donieft ass d'Stellungnahm vum Staatsrot net bannent an d'Regierung muss dem also net Rechnung droen. D'Regierung huet awer sécher net vir de Staatsrot ze ëmgoen.

*Wéi laang plangt d'Regierung déi RGD'en am Viraus, déi si muss am Kader vum Stroosseverkéier huelen? Wann zwee Drëttel vun de Reglementer an deem Domän an der "Urgence" geholl ginn, weist dat eventuell op e Mangel u Koordinatioun oder Previsioun an dem zoustännege Ministère hin?*

Am Fall vun engem Problem vun der Verkéierssécherheet, ginn am Reegellfall d'Verkéiersreglementer iwwert d'Urgence geholl.

Esou Situatioune kënnegen sech net am Viraus un, sou datt relativ séier vun den zoustännegen Instanze muss gehandelt ginn. Deementspriechend gëtt op Basis vum Artikel 100 vum Code de la Route an enger éischter Phase ee ministeriellt Reglement geholl, dat awer op eng Dauer vun dräi Méint limitéiert ass.

Bei permanente Geforen, respektiv därer déi iwwert ee längeren Zäitraum bestoe bleiwen, muss also dat ministeriellt Reglement duerch en groussherzoglecht Reglement confirméiert ginn. D'Preparatioun an och d'Prozedur fir en groussherzoglecht Reglement dauert awer generell méi laang wéi dräi Méint. Fir an esou Fäll d'Zäitkontrainten ze respektéieren, gëtt d'Urgence invoquéiert.

Dëst kennt och bei Vitesslimitatioune vir, wann et sech em akut Problemer um Stroossereseau handelt.

Lëtzebuerg, den 14. Abrëll 2023

De Minister fir Mobilitéit an ëffentlech Aarbechten

(s.) François Bausch